Dikricher Guiden a Scouten

36 am Floss • L-9232 Dikrich
info@diekirch.lgs.lu • http://diekirch.lgs.lu

Léif Aventuren an Explorer, léif Elteren,

hei fann dir all d' Informationen iwwert den

Summercamp 2018: Eng Rees durch Mittelerde (LOTR)

1. Allgemeng Informatiounen

Wou: Zu Bilsduerf hannert dem Chalet "Relais de l'Amitié"

- Adress: 10 Rue Abbé Neuens
  8811 Bilsdorf

Wéini: Vun dem 31. August bis den 9. September 2018

Umëllung: Bis den **1. Juni 2018** andeems die den éischten Accompte vun **100€** iwwerweist.

- 2. Accompte vun 70€ bis den **21. Juli 2018**
- Mam Vermierk: LOTR + Numm + Virnumm

Transport: Mir fueren den 31. August um **10 Auer am Floss** fort.
Den öffentlechen Transport ob Bilsduerf ass ganz schlecht, dofir wieren mir frou wann dir eis mam Transport kennt hellefen. Wann Dir den 31. August um 10 Auer Zäit hutt an bereet wiert eis ob Bischdref ze féiren, wiren mir frou wann Dir eis bis den 21. Juli iwwer E-mail un **avex@diekirch.lu** kéint Bescheed soen.
Den 9. September grillen mir vun **12:30 bis 14:00 Auer**. Sot eis bis den 6. Septembr Bescheed ob an zu wéivill dir wellt mat iessen.

Iessen: Picknick fir Mëttes an engem klengen Rucksack matbréngen. Fir den Rëscht vum Camp ass fir Iessen a Gedrénks gesuergt

Täschegeld: Während dem Camp selwer hunn d'AvEx oofgesin vun der Sortie net vill Méiglechkeeten eppes ze kaafen, dofir brauchen net méi wéi 25€ Täschegeld.

2. Gesondheet D'AvEx sollen d'Fiche médicale (hei am Annex, oder op der Internetseit) **virum** Départ engem Chef ofginn (läscht Versammlung, oder per Email).
Wanns Du Allergie-Problemer géint verschidden Liewensmëttel hues, oder wanns Du speziell Medikamenter muss all Dag huelen da so onbedengt virun dem Camp engem vun den Chef Bescheed.

Wichteg: Den AvEx muss un seng Carte d'Identité, Carte sécurité sociale an Schülerkaart denken.

3.Material an Ausrüstung

Uniform : Uniform, Foulard, Rank

Gezei : Dem Wieder ugepasst. Net vergiessen : Warm Jackett, K-Way, waarmen Pullover, Schwamm Gezei, grouss Plastikstut fir di knaschteg Wäsch

Schong : zolitte héich Schong fir ze goen (Hike), liicht Schung (fir an d'Dusch), Turnschlappen, eventuell Stiwwelen

Fir d'Toilette : Handdicher, Wäschläppercher, Zännbiischt an Zahnpasta, Kamp, Klameren, Nueschnappecher, eventuell « Rei in der Tube », Dicher fir an d'Dusch

Fir ze schlofen : Schloofsack (eventuell Këssen), Carry-/Isoléiermat (Hike), Pyjama, Teddybär 😊

Fir z'iessen : (an engem Säckelchen) : **feierfest** Gamelle (fir Zopp, Fleesch, Geméiss, Dessert), Messer, Forschett, Läffel, Becher (staark an net ze kléng, vir waarmt Gedrénks !), 5 Kichendicher

Verschiddenes : Bic an Bloc, Täschemesser, Kompass, Täscheluucht mat vollen Batterien, Bidon (minimum 1 Liter!)

Gesondheet : Mustikcrème, Sonnecrème, eppes vir op de Kapp. Wann den AvEx perséinlech Medikamenter huelen muss, soll en déi och matbréngen.

Wichteg : D'Saachen sollen gezeechent sinn a ginn an **1 ! Rucksack** agepaakt. Den AvEx soll säin Rucksack mat sengen Elteren apaken a wëssen wou hatt/hien seng Saachen fënnt.

Ausserdem muss den AvEx een zweeten klengen Rucksack matbréngen, deen en vir d'Sortien hellt.
Vir elektronesch Apparater iwwerhuelen mir keng Responsabilitéit. Elektronesch Spiller (Gameboy, iPad,…) bleiwen w.e.g doheem. Falls d'AvEx en Handy mat op de Camp huelen, dann mussen si en den Chef ofginn. Si kréien den Handy all Dag während puer Minutten vir ze telefonéieren, smsen, etc.

Kontakt:

Jang Thillen	691713711
Ben Martinez	691537877
Lena Hertz	691873490

Bei weideren Froen oder Bedenken, zéckt net, eis ze kontaktéiren.
Mat beschten Guiden a Scoutsgréiss,

Är Chefekipp